

## Et wor emol...

... e Kanonéier, heescht et am Dicks sengem bekannte Lidd. D'Meedchen, dat hie bestuede sollt, huet de Leit ower all topeg Klapereien iwwer dee 'stuetsé' Maansmensch gegleeft... d'Saach ass dramatesch an d'Bréch gaang.

**Wa mir vru ronn 38 Joer all Behauptungen a soss Eefällegkeete gegleeft hätten, fir déi Saach 'rëlles' ze maachen, da wier dee Schwonk fir d'Sprooch och séier iwwer d'Kopp gaang.** Mir hunn äis ower séieroueg dohigesat an iwwerluecht, wat ee verstännegerweis fir d'Lëtzebuergesch kënt maachen. Punkt fir Punkt sinn déi eenzel Gebitter erbäigeholl ginn, wou eis Sprooch ouni 'Vive!' an 'Hurra!' eng éierbar Plaz zegutt hätt... et ass gaang! Fir d'Schoul, fir d'Press, fir d'Privatleit, no an no och op offizielle Pläng hu mir deem kleesperen 'Dialekt', deer 'Hallefsprooch' e **Pad getrëppelt, deen haut eng schéi breet Strooss mat zolittem Fëllement** ass, déi vru 1971, dem Grëndungsjoer vun der Actioun-Lëtzebuergesch, keen am Eescht fir méiglech gehal hätt.

Hei als 'Facsimile', en 1972 handgeschriwwene Bréif, deen un eis Deputéierten an d'Gemenge gaang ass (eng Schreifmaschinn hate mir nach net). Eis Dokumenter sinn an deenen 3 Dose Joere 4mol geplënnert a gesënnert ginn, sou datt déi Copie fir äis haut e wertvollt Erënnerungs- an esouguer Beweisstück ass. Mir soen dem Här Arthur Müller vun Ettelbréck villmools merci dofir; hie mécht do an de Gemengenarchiven eng wertvollt Aarbecht. Kuckt iech et un... an da maacht dir iech selwer är Gedanken, ob mir bäigehalen hunn oder net... mir hunn des Versprieche (an nach eng gutt Partie weider) gehal. **D'Resultat kënt net besser sinn!**

vum Lex Roth



## Ceterum censeo... (38)

An der Chamber-Proposition, déi d'Spezialcommissioun fir eis Sprooch an der Constitioun/Verfassung gemaach huet, steet dëse Saz: **L'État veille à promouvoir la langue luxembourgeoise... mais qu'en termes galants ces choses-là sont dites!** heescht et am Molière sengem *Misanthrope*. Wuel verstan: an engem **Theaterstück**. Mä eis Constitioun ass jo kee Mono- oder Dialog fir op eng Bühn! Vun de spezialiséierte Juriste gëtt gesot, eng Verfassung dierft kee literareschen Text, keng Literatur sinn.

Wat soll dat dann heeschen, l'État 'veille'? Wat ass mam Verb 'promouvoir' gemengt?... op jidfer Fall näischt Exaktes, well dat *veiller/promouvoir* kann einfach alles heeschen: Schréftsteller stäipen, hei oder do e Subsid ginn, Sproochecoursën organiséieren/finanzéieren... dat mécht de Staat jo och (gutt) fir eis aner 'Gebrauchssproochen'. Klor ass net, wéivill a wéi wäit dat 'promouvoir' soll/muss goen. Dat geet nëmmen iwwer **en däitleche 'Stack', e 'Status', also e 'Statuéiere' vum Lëtzebuergesch als d'Sprooch vun eisem Land...** déi mir jo iwregens **per Gesetz!** strikt vun deene verlaangen, déi eis Nationalitéit gär hätten. Mir? A wie ware 'mir' dann, déi dat gestëmmt hunn?

## bäissen a bäissen ass zweeërlee...

ower nëmmen am Lëtzebuergesch! Natierlech hu mir dat Verb och am Sënn vum Däitschen, also dem franséische 'mordre'. Mä **wéi iwwersetzst dir dann op däitsch oder franséisch, et giff iech 'bäissen'?** Do ass et mat 'beissen' net gedunn! Dat ass 'jucken'. *Es juckt mich / ça me démange*, dat heescht dach bei äis 'et bäisst mech', oder net?

Esouguer **Spréchwieder** erimmen eisen typesche Gebrauch: Wann dat dech bäisst, da kraz dech... de Claude ass nach ze liddereg, fir sech ze krazen, wou et hie bäisst. Mä wann 'et ee bäisst', da gëtt och nach gesot, et hätt ee **'Bass'**; dat huet alt erëm näischt mam däitsche 'Biss' ze dinn. Sot emol zu Dortmund: *Ich habe Biss...* dat versteet keen, well déi verstinn do, dir wiert e ganz Kéngen a géngt net zécken.

Aplaz datt d'Linguisten op der Uni sech mat sougenannten 'Interferenzen' ofginn, wiere si gutt beroden, wann si déi semantesch Säit vun eiser Sprooch vis-à-vis vum Däitsche gengen op de Leescht huelen. Dat giff och méi bréngen, wéi wann den Uz mat engem Lëtzebuergesch sengem 'schlechten Däitsch' gemaach gëtt, wann hie vun engem 'Werkzeugkasten' seet, et wier 'eine Geschirrkiste' ©.

## Pickelen, Ässen oder Pautschen?

Duerch d'Reklamme fir all Hautproblemer, kréien d'Ausdréck op deem Gebitt och alt, wéi sou villes, en däitscht Gesiicht... an eis Sprooch *Schadder* (Schorf) a *Pautschen!* Et soll keen heihannert iergend eppes géint d'Däitscht siche goen, mä just eis aremséileg Gewunnecht, zevill muttwëlles an de Lompekuerf ze geheien, wat et nach ëmmer och op Lëtzebuergesch ginn ass. **Dann heescht et nawell gär, déi Wieder wieren 'ze al' an et wier dach nach 'ëmmer' sou gesot ginn. Stëmmt net... well sou al ass d'TV jo net.**

Spéitstens am 'Lëmmelsalter', der Pubertéit, huet bal jidferree mat esou 'Gedéngels' op senger Haut ze dinn, natierlech eng gutt Geldquell fir d'Fach-Medizinner (Dermatologen) an déi sougenannt 'Pharmaindustrie'! **Déi 'Pautschen an Ässen' / acné juvenile gouff et nach ëmmer**, och hei, deemno och d'Ausdréck dofir. Bis op bedauerlech Fäll sinn se och ëmmer vumselwen ewech gaang, wann de Jong oder d'Meedchen 'de Knuet opgedunn' hat... an net zevill dru gepiddelt huet. Vile vergeet dat 'Gerëffs' net séier genuch, an da gëtt drop geschmiert, datt d'Tüben net matzäit genuch erbäikommen... ouni datt et vill déngt. Mä **kuckt iech emol déi Publicitéit dofir an der Press oder op der TV un: eng Goldgruof.** Leider gëtt et keng Salef, keng Crème (kee 'Schmier') géint Sprooch-Pautschen an -Ässen ©.

390 000!?

**Souvill Leit sollen dann elo Lëtzebuergesch schwätzen.** Dat wieren esou em déi 80% vun den Awunner vum Land; schéi wier et... ower **et stëmmt mat Sécherheet net.** Mir wieren ewell frou, wann et der 290 000 wieren... oder gëtt déi 'Grande Région' do mat era gezielt?

Saache ginn an d'Welt gesat, déi mat schéiner Regelméissegkeet ännere wéi d'Neit Licht an de Vollmound. **Watfir ee Lëtzebuergesch a wéivill Lëtzebuergesch ee kann, dovu geet net rieds;** e puer geleefeg Sätz gi jo och net duer, fir ze behaupten, et wier een däitsch- oder franséischsproocheg. Dem Soziologie-Professor Fernand Fehlen seng Propos, fir eppes Zolittes iwwer Sproochkompetenzen ze maachen, ass eng Rubrik beim 'Recensement', deen all Joer am Oktober auszufüllen ass. Mä da maacht et, kannergottesnamol!


D'UNESCO soll jo elo deklaréiert hunn, d'Lëtzebuergesch wier am Fong **net méi op deer Lëscht vu Sproochen, déi a Gefor sinn...** schéin! Mä datt eis Sprooch esou séier vun enger groer op eng wäiss Lëscht 'evolueiert'... eng Leeschtung! Ower dat muss äis jo bal soen, datt dee ganze Jirimiri décke 'Dummi' ass. Dofir: *Les chiens aboient et la caravane passe.* **Wa mir 'eis Aarbecht' maachen, dann ass a bleift d'Lëtzebuergesch 'normal gesond'!**

## et knuppt!

Emol vun de Geforen ofgesinn, déi et fir Sylvester, Nationalfeierdag oder aner Geleeënheete gëtt, wou iwwerall **'Knupperten'** an d'Luucht ginn... et ass e fuschneit lëtzebuergesch Wuert, grad ewéi an der Zäit *'Këppercher/Ramossen' a Feiersteng...* mä do hat jo emol ee behaupt (an en Dichtegen!), eis Sprooch wier net emstand, nei Wieder ze maachen.

Denkt emol un dat Wuert *'Knupp'* aus deerselwechter Famill, u *'Knippercher'*, u *'Knuppfreed'*... firwat net u *'knubbeleg'* (net 'holpereg')! A villen Uertschafte fanne mir Kadaster- oder Stroossennimm 'op der Knupp'. Zu Wolz guff et *'d'Knupperten'* ewell vru Generatiounen: dat waren ower déi Leit, déi nun emol *'op der Knupp'* gewunnt hunn... iwregens do, wou eisen **Tour de France-Champion François Faber** op d'Welt komm ass. E *'Knuppert'* also ©, eng Saach fir de Velos-Spezialist Henri Bressler!

300.-



**ACTIOUN  
LËTZEBUGESCH  
EIS SPROOCH**

Oktober 1972 (Schreifweis  
vun deemools!)

*Dir kommen an Hären  
aus der Chamber an de Gemengeréit!*

- *Mir gin eis éierlech Héi, fir vum eiser Sprooch ze vernuegen, wat mer nach hun. Hei as ee vum de Prouwer, eng ganz lëtzebuergesch Lëttschriift! Et wir ee Jauerschwed, wa wir eis Sprooch fir maamer kulturell gängen hale wéi eng al Tak oder e Kolonnenuewen: Wann si eng kéier "fort" as, dann as et fir ëmmer! D'Sprooch léisst sech net rogeissen oder restauréieren!*
- *Eise Veräin verspriet sech iwert d'ganz Land; mir spi elo noweas zu 600, vum iwerall, aus all Beruffen a Parteien.*  
*Mir si wéiles:*
  - keng Politik ze maachen
  - keng extra Patrioten ze sin
  - keng puer Sprooch ze verstoussen
  - eis Sprooch ze stäige, wou et soll a kee sin
  - do ze hëlfe, wou eis Sprooch geschriewe gët
  - gudd Däitsch a gudd Franséisch... ower... och gudd Lëtzebuergesch ze verlaangen!
- *As dat nit dowäert, fir dat Dir Tech Member maacht? Huet eis Sprooch keng puerhouert Frang an Ärer Gemeng zegudd? Soll eis Sprooch ee vun de Stoussnäckelen am Budget sin? Hëlleft eis och, wann ech gelift!*

## Begrüewen ass net 'bäisetzen'

E Frënd vun eiser KLACK schreift, wëllt dat ower ouni säin Numm:

Et ass gutt, datt ëmmer méi Leit **Doudesannoncen op Lëtzebuergesch** an d'Zeitung schreiwten; dat ass och e schéinen Hommage un déi léif Verstuerwen, fir et an deer Sprooch ze maachen, déi si hirt Liewe lang gebraucht hunn. Leider huet sech iergendwann ee koppegte Wuert an déi Texter geschlach; den Eescht vun deer Matdeelung géif et wuel verlaangen, datt och nach déi Klenggeeket verbessert géif, fir et perfekt ze machen.

Rieds geet vum Wuert 'bäisetzen': Et kritt een eppes vum Patron an der Pai bäigesat, wann dee mat engem zefridden ass; en Dësch kritt ee *Stull* bäigesat, wann ee Gaascht méi opdaucht wéi virgesinn. Mä heiheim ginn dei Verstuerwen oder hir Äschen begrüewen an net bäigesat; et schreift een och vun engem Begrüefnes an net vun enger Bäisetzung.

Dat komescht Wuert do, wat riicht ewech aus dem Däitsche kënt, *gëtt ëmmer erëm ofgeschriwwen*, well een sech jo an deer Situatioun vum Verloscht vun engem léiwe Mënsch net all zevill Gedanke mecht an sech vun Texter *aus der Zeitung vun Deeg virdrun* inspiréiert. E falscht Wuert gëtt awer net doduerch richteg, datt et dacks ofgeschriewe gëtt. Et géng vläicht ewell duer, datt dräi oder véier Woche laang net méi Bäisetzung mee Begrüefnes geschriewe géif, an dee Fehler wär aus den Zeitunge verschwonnen.